N° 5911
Reçue le 11.04.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Äntwert vum Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro n°5911 vum 10 Mäerz 2022 vun honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

1. **Verfüügt den Här Minister iwwer fiabel Informatiounen, wéi et dem Här Roman Protassewitsch, a senger Frëndin, der Madam Sofia Sapega, am Ablack geet?**

Fiabel Informatiounen aus dem Belarus ze kréien ass schwéier. Mam Krich an der Ukrain ass dëst nach méi schwéier ginn. Organisatiounen, déi direkt Kontakter a Wäissrussland hunn, hunn awer confirméiert, datt den Här Protassewitsch an d'Madamm Sapega nach ëmmer ënnert Hausarrest stinn. Hinne ginn eng Rei dubiéis kriminell Dote virgeworf, een Datum fir ee Prozess ass awer nach net bekannt.

2. **Wier den Här Minister bereet, beim belarussesche President ze intervenéieren, fir datt de Roman Protassewitsch, d'Sofia Sapega an eventuell nach aner politesch Gefangener aus dem Belarus ausreese kéinten an zu Lëtzebuerg kéinten Asyl kréien?**

Eisen Informatiounen no ginn et momentan 1083 politesch Prisonéier am Belarus. De Roman Protassewitsch huet viru senger Verhaftung am Mee 2021 eng Demande fir politeschen Asyl a Polen gestallt. Säit 2020 huet hien a Litaue gelieft. Bis ewell hunn d'Efforte vun dëse Länner, wéi och déi vun der EU, näischt erginn. Et ass auszeschléissen, datt de belarussesche President eng Fräiloossung vum Roman Protassewitsch, oder vun der Madamm Sapega, virun hirem Prozess envisagéiere géif.

Luxembourg, le 8 avril 2022
Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
(s.) Jean Asselborn